LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

Personne en charge du dossier:
Josiane MEYSENBURG
☎ 247 - 86710

Luxembourg, le 16 MAI 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
16 MAI 2019

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet: Réponse commune de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias et de Monsieur Claude MEISCH, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, à la question parlementaire n° 533 du 20 mars 2019 de Monsieur Marc GOERGEN au sujet de « Publicité lancée par le Gouvernement ».

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias et de Monsieur Claude MEISCH, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, à la question parlementaire n° 533 du 20 mars 2019 de Monsieur le Député Marc GOERGEN.

Veuillez agréez, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier Bettel

177 000007 20040525 FR

Äntwert vum Här Xavier BETTEL, Kommunikatiouns- a Medieminister a vum Här Claude MEISCH, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, op d'parlamentaresch Fro n° 533 vum 20. März 2019 vum Här Deputéierten Marc GOERGEN.

Ad 1)

D'Diskussiounsowenter am Kader vu *Bildung am Dialog* hu sech un de breede Public geriicht. Jiddwer interesséiert Persoun sollt d'Geleeënheet kréien, ronderëm déi grouss Themen an Erausfuerderunge vum Lëtzebuerger Bildungssystem, vun der Crèche iwwer d'Schoul bis zum liewenslaange Léieren, matzediskutéieren a konkret Iddien a Proposen ofzeginn.

Fir de Public ze areechen an op dës Initiativ opmierksam ze maachen, ass et evident, datt ee muss op d'Medien zeréckgräifen. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ass senger Informatiounsflicht nokomm an dat am Sënn vun enger moderner an oppener Verwaltung. Fir d'Käschte vun der Informatiounscampagne méiglechst niddereg ze halen, ass awer bewosst eng Selektioun vu Medie gemaach ginn. Op Printmedien an Televisioun ass komplett verzicht ginn.

D'Käschte fir dës Informatiounscampagne belafen sech op 82.115,62 €. Se sinn integral vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend gedroe ginn an op den *Article budgétaire* 10.0.12.140 - *frais de publicité, d'information et de sensibilisation* imputéiert ginn.

Ad 2)

Wéi schonn an der Äntwert op deen éischte Punkt vun der Fro vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen ënnerstrach, huet et sech bei där ugeschwater Campagne ëm eng Informatiounscampagne vun engem Ministère gehandelt. Konstant iwwert déi rezent Legislaturperiode goufen et Informatiounscampagnë vu Ministèren. Educatioun ass e Sujet, dee vill Leit concernéiert an interesséiert, dofir sicht den zoustännege Ministère den Dialog an dat natierlech representéiert duerch de Bildungsminister.

Ad 3)

De Kommunikatiouns- a Medieminister ass net zoustänneg fir d'Organisatioun vun Informatiounscampagnë vun deenen eenzele Ministèren.

An engem Land, wou d'Meenungsfräiheet, d'Onofhängegkeet vun der Press an d'Pluralitéit zu de Grondwäerter vun eiser Gesellschaft gehéieren, existéiere weder fir Regierungsmemberen, nach fir all aner Persoun spezifesch Reegelen, déi „d'Präsenz an de Medien definéiert".